

Lëtzebuerg, de 16. Mäerz 2022

## MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest,

- datt déi aktuell Entwécklungen am Sahel eng nei Evaluatioun vum Lëtzebuenger Engagement an där Region verlaangen;
- datt Lëtzebuerg de Mali - eleng tëscht 2015 an 2019 - mat enger Enveloppe vu 55 Milliounen Euro ënnerstëtzt huet;
- datt sech a verschiddene Länner an der Sahelzon d'Sécherheetslag kontinuéierlech verschlechtert an domat de Lëtzebuenger Engagement an där Region schwiereg an och geféierlech mécht;
- datt d'Agräife vun den EU-Länner an der Sahelzon als Zilsetzung hat, dës Länner virun dschihadisteschem Terror ze schützen an ze verhënneren, datt sech do terroristesch Aktivitéiten entwéckelen. E realistesch Bléck weist allerdéngs leider, datt sech d'Situatioun weider verschlechtert huet an déi ugepeilten Ziler net erreicht konnte ginn;
- datt och den Här Minister fir Entwécklungshëllef rezent matgedeelt huet, datt déi am Mali engagéiert auslännesch Persounen aktuell déi allergréisste Méi hunn, fir hir Projeten iwwerhaupt nach um Lafen ze halen, well et praktesch onméiglech ass, sech nach fräi am Land ze beweegen;
- datt d'Situatioun am Mali duerchaus mat där am Afghanistan vergläichbar ass: E korrupte Regime an der Hauptstadt, en auslännesche Militärasaz mat variablen Ziler an eng malesch Regierung, déi d'Presenz vun Truppen aus der EU ëmmer manner ënnerstëtzt;
- datt, wéi och de joerzängtelaangen Asaz am Afghanistan, den Asaz am Mali net déi envisagéiert Friichte gedroen huet a riskéiert, e vergläichbaren Echech ze ginn;
- datt d'Zuel vun den Auslandsmissiounen de reelle Méiglechkeete vun der Arméi misst ugepasst ginn, fir eng Iwwerbelaaschtung vum Militärpersonal ze verhënneren;

fuerdert d'Regierung op,

- déi Lëtzebuenger militäresch Presenz an der Sahelzon op en Enn ze bréngen an och all Form vu Kooperatiounspolitik mat deenen ondemokrateschen a korrupte Regierungen an där Region ze suspendéieren;
- sech awer weiderhin dofir anzesetzen, datt alles gemaach gëtt, fir d'Länner an der Sahelzon, besonnesch de Mali, wann néideg, humanitär ze ënnerstëtzen a géintiwwer dem Regime Demokratie anzefuerderen.



Fred Keup